N° 8190
Entrée le 28.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An hierem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung als Ziel gesat d'Emissiounen vun Treibhausgaser am ëffentlechen Transport bis 2030 ze verréngeren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen duerch den ëffentlechen Transport 2018 ausgestouss (op dat ganzt Joer gekuckt)?
2. Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen am ëffentlechen Transport an den éischte 6 Méint vum Joer 2023 ausgestouss?
3. Ëm wéi vill Prozent sollen d'Emissiounen nach all Joer faalen, fir dass d'Zil 2030 erreescht ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N° 8190
Entrée le 12.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8190 vum 28. Juli 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den éirewäerten Deputéierte gräift de Regierungsprogramm op mam viséierten Ofbau vun den Emissiounen am ëffentlechen Transport.

D'Passagéierzich esou wéi och den Tram ginn haut scho mat Stroum bedriwwen deen zu 100% aus erneierbare Quelle gewonne gëtt.

De Verbrauch vun der gesamter Busflott gëtt vun der Administration de l'Environnement op Basis vun Zuele vum STATEC a vun der SNCT berechent. Des Zuele baséieren op dem reell verkaafte Carburant, der Zesummesetzung vun der Busflott an de gefuerene Kilometeren. Dëst bedéngt ee gewëssen Delai wat d'Verfügbarkeet vun dësen Zuelen ugeet, esou baséieren d'Zuelen fir 2022 an 2023 ob enger Previsioun vun der Ëmweltverwaltung.

Allgemeng ass ze bemierken, dass den ëffentlechen Transport mat manner wéi 1 % vun de gesamte Klimagas Emissioune par Rapport zu den transportéierte Leit ee positiven Effekt ob den Ausstouss vu Klimagasen huet.

1. **Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen duerch den ëffentlechen Transport 2018 ausgestouss (op dat ganzt Joer gekuckt)?**

2018 huet den ëffentlechen Transport ronn 0.7% vum Gesamtaustouss laut Klimagesetz vu Klimagasen ausgemaach.

2. **Wéi vill Treibhausgaser (an %) goufen am ëffentlechen Transport an den éischte 6 Méint vum Joer 2023 ausgestouss?**

Laut de Previsioune vun der Administration de l'Environnement wäert den ëffentlech Transport 2023 ongeféier 0.9% vum Gesamtaustouss vu Klimagasen ausmaachen. Bei dëser virleefeger Zuel handelt et sech allerdéngs em eng Previsioun déi weder op dem effektiven Kraaftstoffverbrauch nach op Ännerungen an der Flottenzesummesetzung baséiert ass. Wéi an der Äntwert op déi rezent parlamentaresch Fro n° 8189 erkläert, ass d'Gesamtzuel vun de gefuerene Kilometer am stroossegebonnenen ëffentlech Transport säit 2018 staark geklommen. Dëst erkläert zum Deel d' Eropgoen vum Pourcentage am Gesamtaustouss vu Klimagasen.

An der Äntwert op déi selwecht parlamentaresch Fro ass och eng méi detailléiert Oplëschtung vun der Evolutioun vun den Emissioune vun de Busser vum RGTR Reseau ze fannen.

3. **Ëm wéi vill Prozent sollen d'Emissiounen nach all Joer falen, fir dass d'Zil 2030 erreecht ass?**

Fir d’Zil vun 0% Klimagas Emissiounen am ëffentlech Transport ze erreechen, missten des all Joer em ronn 14% falen. Opgrond vun den aktuelle Kontrakter am Busberäich an der Entwécklung vun der Technologie, virun allem am Beräich vun de laangen Distanzen, wäert des Entwécklung awer net linear stattfannen, mä an Etappen, wann des Kontrakter erneiert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch